Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. November 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Debatt iwwert eng méiglech Unerkennung vum Lëtzebuergeschen als EU-Sprooch huet d'EU-Deputéiert Tilly Metz a verschiddene Medie Schätzungen ofginn, wouno esou e Schratt Käschte vun circa 40 Milliounen d'Joer géif verursaachen. Et ginn allerdéngs verschidde Méiglechkeeten, wéi eng Modalitéite mat der Unerkennung vun enger Sprooch verbonne ginn. Esou hat Iresch zum Beispill bis 2007 de Status vun enger renger Vertragssprooch (language of treaty), déi just eng Iwwersetzung vun de Verträg mat sech bruecht huet. Duerno gouf et eng Amtssprooch, et waren awer weider eng Rei Ausname bei den Iwwersetzunge virgesinn. Eréischt säit 2022 huet et de Status vun enger vollstänneger Aarbechtssprooch mat sämtlechen entspriechenden Iwwersetzungen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Ass der Regierung déi Aschätzung vun der Madamm Metz bekannt? Falls jo op wéi engem vun deenen dräi uewe beschriwwenen Zenarie berouen déi Berechnungen?
2) Kann d'Regierung chiffréieren, wéi vill eng eemoleg, beglaubegt Iwwersetzung vun den offizielle Verträg vun der Europäescher Unioun an eis Nationalsprooch géif kaschten?
3) Kann d'Regierung matdeelen, vu wéi enger Institutioun d'Iwwersetzungskäschte vun offiziellen EU-Dokumenter an d'Nationalsprooch vun engem Memberstaat gedroe ginn? Kéint Lëtzebuerg dës Käschte gegeebenenfalls ganz oder deelweis mat bestoende Contributioune verrechnen?

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**